ASSOCIATION DES MÉDECINS
ET MÉDECINS-DENTISTES

S-26027

Lëtzebuerg, den 28. Mai 2025

**Communiqué vun der AMMD zu der Quadripartite vu leschter Woch an den akuten Erausfuerderunge vun eisem Beruff**

**D'Finanzsituatioun vun der CNS ass net gutt.**

Manner Wirtschaftswuesstem heescht manner Cotisatiounen, also Recettë fir d'CNS.

Manner Wirtschaftswuesstem heescht och, dass d'Depensë méi staark klamme wéi d'Recetten (d'Patiente gi jo net manner krank well mer manner Wuesstum hunn). Sou ginn déi nach besteeënd Reserven opgebraucht.

Et gëtt vun engem strukturellem Defizit geschwat.

Zu dësem Defizit dréit d'CNS allerdéngs zu engem groussen Deel selwer bäi. Och wann d'CNS de Sujet e bëssen ënnert den Teppech kiert, sou stellt ee fest, dass d'Funktiounskäschte vun der CNS an de leschte Jore besonnesch staark gewuess sinn.

Fir d'Käschte vun der Medezin an der Zännmedezin besser ënnert d'Kontroll ze kréien, huet d'AMMD am Joer 2024, zesumme matt der CNS, konkret Pisten ausgeschafft. Doriwwer gouf op der Quadripartite net geschwat.



Allerdéngs, mir sollen eis net an d'Täsch léien : de strukturelle Problem ass net just e finanztechneschen. En ass och konzeptuell an ideologesch.

Ugefaange bei der CNS selwer. D'CNS schwätzt net aus engem Mond. De Staat representéiert 40%, d'Salariat an d'Patronat jeeweils 30 %. D'Avis'e vun den Engen, den Aneren an nach Aneren gi wäit auserneen. Déi Eng wëlle méi, déi Aner manner, an nach Anerer manner méi oder méi manner.

**D'Politik seet bis elo net vill.**

Elo, wou d'Finanzsituatioun sech verschlechtert, fir déi weder d'Dokteren an d'Zänndokteren, nach hier Patiente verantwortlech sinn, kann de finanziellen Defizit net op hirem Bockel ausgedroe ginn.

Mir sichen en offenen a richtegen Echange mam Verwaltungsrot vun der CNS, deen eis am Moment verwiert gëtt, a wou deen een sech hannert deem anere verstoppt.

Wann e konstruktiven Dialog mat der CNS net méi méiglech ass, gëtt de Problem nach méi politesch wéi e souwisou schonn ass. Et gëtt héich Zäit, déi drénglech politesch Dossieren an der Santéspolitik, déi säit Joren an der Schwief hänken, unzepaken.

29 rue de Vianden
L-2680 Luxembourg
secretariat@ammd.lu
Tél. : +352 44 40 33-1

## Nei Organisatiounsform vum Dokteschberuff

Außer dass eng kloer Begrenzung vun der Zuel vun Zänndokteren am System néideg ass, brauchen d'Dokteren an d'Zänndokteren onbedéngt nei Organisatiounsméiglecheeten, an zwar a Form vu Gesellschaften. Dat ass noutwendeg wéinst der Aarbechtsopdeelung an och fir eise jonke Kolleege muer nach en attraktiivt Aarbechtsëmfeld ubidden ze kennen.

Hei hat d'AMMD e Gesetzesprojet zesumme mam Collège Médical ausgeschafft, dee war um Instanzewee, an ass Ufank vun dëser Legislaturperiod zréckgezu ginn. Mier versti bis haut net richteg firwat, an et ass dréngend, dass dësen Dossier, wéi et am Koalitiounsaccord steet, erëm reaniméiert gëtt, an dëser oder an enger aaner Form.

Dës nei Organisatiounsforme kennen hëllefen, zum engen d'Spidolsmedezin ze stabiliséieren, zum aneren awer och iwwert ambulant Strukturen ausserhalb vun de Klinicken e besseren Zougang zur Patientebetreiung ze garantéieren.

## Méi Medezin beim Dokter. Eise Beruff an eiser Praxis.

Säit villen Joren fuerdere mir dofir d'Méiglechkeet, ausserhalb vun de Spideeler, an den Dokteschpraxen an anere Strukturen, méi Medezin kennen ze maachen. Och dofir ass eng nei Organisatioun vum Beruff néideg. Röntgen, Scanner, IRM, Mammographie an Osteodensitometrie, awer och Aanoperatiounen, kleng ambulant Operatiounen an Endoskopië kéinten de Patienten entscheedend hëllefen.



E schlechten Amendement vun engem schlechte Spidolsgesetz vun 2018, wat d'ailleurs och zum strukturellen Defizit vun der Kees bäigedroen huet, ass 2023 nach in extremis gestemmt ginn a funktionéiert noweislech net.

D'Spidolsgesetz huet den Zougang zu schneller a gudder Versuergung éischter ausgebremst wéi geféredert. Dat ass net ze verstoen a muss dofir wéi et am Koalitiounsaccord steet, schnell geännert ginn.

D'Entwécklung vun der Medezin ausserhalb vun de Spideeler, wou méi Versuergung fir manner Käschte méiglech wier, muss endlech politesch aktiv ënnerstëtzt a weidergedriwwe ginn.

29 rue de Vianden
L-2680 Luxembourg
secretariat@ammd.lu
Tél. : +352 44 40 33-1

Politesch Decisiounen.

Soulaang keng gescheit Decisioune geholl ginn, waarden d'Patienten sech weiderhi krank a riskéieren och nach méi dofir ze bezuelen. De Ruff no Cotisatiounserhéijungen oder Deplafonnement vun de Cotisatiounen, huet jo op der Quadripartite erëm ugeklongen. Mee nëmmen de Leit an d'Täsch gräife fir politesch Feelentscheedungen aus der Vergaangenheet ze zementéieren ass sécher net dee richtege Wee.

D'AMMD plädéiert fir Léisungen déi dem medezineschen an zännmedezineschen Fortschrëtt Rechnung droen an trotzdeem bezuelbar bleiwen.

D'Resultat vun der Quadripartite war ernüchternd. Wann d'CNS matt hire villen interne Konflikter sech weiderhi selwer blockéiert a berodungsresistent bleift, ass d'Politik méi wéi je an der Verantwortung ze handelen.

Am Numm vum Verwaltungsrot,



Dr. Chris Roller
President

Dr. Carlo Ahlborn
1. Vizepresident
President CMD

Dr. Sébastien Diederich
Generalsekretär

29 rue de Vianden
L-2680 Luxembourg

secretariat@ammd.lu
Tél. : +352 44 40 33-1